N°4563
Entrée le 03.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.08.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. August 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung weiderzeleeden.

D'Regierung huet bei all Geleeënheet ugekënnegt, datt si d'Prozedure géif vereinfachen a beschleunegen. Dat sollt virun allem och bei den Hëllefe fir d'Leit gëllen a besonnesch fir d'Wunnengsbäihëllefen.

Dofir meng Froen:

- Ass et normal, datt Demanden, di Mëtt 2025 fir d'Hëllefe beim de Kaf vun engem Eegenheem agereecht goufe, bis Ënn Juli 2026 nach net definitiv accordéiert sinn an esou nach keng Hëllefe gefloss sinn? Ass de Minister der Meenung, datt et sënnvoll ass, datt déi Betraffen déi Sue musse virstrecken?
- Ass et normal, datt ee Joer nom Areeche vun enger Demande en Acte de naissance gefrot gëtt vun dem bis do keng Ried war?
- Wier et net normal, datt eng Demande schnell op hir Vollstännegkeet gepréift géif ginn a net steckechersweis nei Beleeger géife gefrot ginn?
- Wéi laang sinn an der Tëschenzäit d'Delaien tëscht Areeche vun enger Demande an dem Ausbezuele vun den Hëllefen?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu